PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

Duerch den Ugréff op d'Ukrain duerch dem Putin säi Regimm hunn schonn honnerten Zivilisten hiert Liewe verluer a Milliounen hunn hiert doheem musse verloossen. Elo ass et awer esou, dass net all russesche Staatsbierger mat dësem Krich an den Decisioune vum Kreml averstanen ass. Trotzdeem gouf et, nieft de Sanktioune géint de Regimm an seng Vertrieder, och Decisiounen, déi de russesche Konscht- a Kultursecteur betraff hunn. Esou wéi zum Beispill d'Verdecke vun der Statur vum Juri Gagarin zu Munneref oder d'Spärung vu Russesche Filmer beim lëtzebuerger Filmfestival.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi muss mat der russescher Kultur an den Ausdréck vun dëser Kultur duerch Film, Konscht a Statuen an den Ae vun der Madamm Ministesch ëmgaange ginn?

2. Wéi steet d'Madamm Ministesch zu engem kategoresche Verbuet vu russescher Kultur? Denkt d'Madamm Ministesch net, dass een hei ganz kloer tëscht kremlfrëndlechen an onofhängege Kënschtler a Konschtgéigestänn misst ënnerscheeden?

3. Wäert d'Madamm Minister op Gemengenniveau intervenéieren, fir de Gemengen des Nuancë méi no ze bréngen?

4. Wéi soll an den Ae vun der Ministesch mat Statuen ëmgaange ginn, déi een Zesummenhang mat Russland hunn? Wëll d'Ministesch hei Krittäre festleeën, fir willkürlech Decisioun ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député